ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 17. Februar 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister an un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

An der Gemeng Mertert/Waasserbëlleg gëtt et eng speziell an eenzegaarteg Übungsanlag fir d'Pompjeeën, wou si ënner anerem geléiert ginn, mam Backdraft ëmzegoen. Dës Anlag gouf op Initiativ vun de Pompjeeën aus dem Osten ëm 2008 gebaut, dofir gouf d'a.s.b.l. RAGTAL gegrënnt.

A Konventioun mat der nationaler Pompjeesfederatioun huet d'a.s.b.l. RAGTAL dës Anlag bedriwwen. Duerch d'Grënnung vum CGDIS den 1. Juli 2018 gouf d'Anlag an d'Personal dunn den 1. Januar 2019 vum CGDIS iwwerholl an INFS - Site Wasserbillig (Institut National de Formation des Secours) genannt.

Enn 2019 huet de CGDIS eng Demande un d'Ëmweltministesch gemaach, fir eng offiziell Autorisatioun fir d'Anlag ze kréien. Bis dohinner gouf et keng Autorisatioun, mee d'Anlag gouf awer gedult. De CGDIS krut awer bis haut nach keng Autorisatioun ausgestallt. Esoulaang déi Autorisatioun net do ass, kann de CGDIS keng Waasserleitung leeë loossen an esoulaang gëtt et do och kee fléissend Waasser.

An deem Kontext wéilt ech d'Madamm Banneminister an d'Madamm Ëmweltminister gär froen:

1. Firwat krut de CGDIS bis haut nach keng Autorisatioun fir dës Anlag, déi dach awer engem wichtegen Zweck déngt?
2. Ginn et Problemer, déi dës Autorisatioun net erlaben oder erschwéieren? Wa jo, wat fir Problemer sinn dat?
3. Huet d'Regierung eventuell vir, déi Anlag zouzemaachen? Wa jo, huet si fir dëse Fall scho mam CGDIS Concertatioune gefouert, fir en alternative Standuert ze fannen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten